

Fro un de Schäfferot

An der Schäfferotserklärung huet de Schäfferot folgend Absichten geäussert:

Mobilität:

- *wir werden den jährlichen Investitionsplan der kommunalen Radwege fortführen.....*
- *das kommunale Fahrrad- und Fußwegenetz innerorts und außerorts kontinuierlich ausbauen und unterhalten...*

an am Masterplan Mobilité 2030 vun eiser Gemeng gëtt am Beräich vun der doucer Mobilitéit folgendes gesot:

Non seulement de nouvelles pistes cyclables régionales seront créées dans la commune, mais le réseau cyclable municipal sera étendu. L'objectif principal est de mettre en place un réseau cohérent et dense de pistes cyclables, composé de propres pistes cyclables de la commune et de sentiers dans les zones urbaines à circulation réduite.

An deem Zesammenhang wollte mer am Détail wëssen, **wéi eng konkret Projeten de Schäfferot an dëser Legislaturperiod bis elo ëmgesat huet**, mam Zil d'Kohärenz an d'Densitéit vum Vëlosnetz an eiser Gemeng ze erhéigen?

Kéint de Schäfferot de Gemengerot och informéieren, **wéi eng konkret Projeten an dësem Zesammenhang nach bis zu den nächste Gemengewalen virgesi sinn** an ëmgesat solle ginn?

Bieles, de 4. Juli 2022,

fir déi gréng Suessem,

Alain Cornély
Gemengerot

Chantal Faber-Huberty
Gemengeréitin

Fro un de Schäfferot

Déli gréng Fraktioun hat am September 2018 dem Schäfferot virgeschloen, d'Einbanstrooss rue Robert Krieps zu Bieles fir de Vëlosverkéier am Géigeverkéier opzemaachen, eng Propose, déi am September 2020 dann och ëmgesat ginn ass. Dëse Wee gëtt an der Tëschenzäit dann och vu ganz ville Vëlosfuerer genotzt fir Richtung Belval ze fueren. Allerdéngs ass op der Kräizung rue Waassertrap- rue Robert Krieps eng geféierlech Plaz fir Vëlosfuerer, well vill Autofuerer déi an d'rue Robert Krieps ofbéien d'Kéier schneiden an esou eng Gefor fir Vëlosfuerer bedeiten, déi a Richtung Belval fueren. (Foto)



Eis Froen un de Schäfferot:

1) Wat gedenkt de Schäfferot ze maachen, fir dëse Geforepunkt ze entschäerfen?

Eng Méiglechkeet wär eiser Meenung no de ganze Vëloswee à contresens oder op mannst deen Deel virun der rue Waassertrap mat roudere Foarf ze markéieren (eng Méiglechkeet déi momentan scho besteet an demnächst och an engem Gesetzesprojet reglementéiert wäert ginn).

Eng zousätzlech Méiglechkeet kéint dora bestoen, kuerz virun der Kräizung d'Autofuerer an der rue Waassertrap drop opmierksam ze maachen, datt hei Vëloer de Wee kënne kräizen.



(Beispill)

2) Wéi gesäit de Schäfferot eis Proposen ?

Bieles, de 4. Juli 2022,

fir déi gréng Suessem,

Alain Cornély
Gemengerot

Chantal Faber-Huberty
Gemengeréitin